I.

Gemäss dem däitsche Landesgesetz fir d'Suppressioun vun nationalsozialisteschem Onrecht an der Strafrechtspflege, sin geriichtlech Verurdélungen op Demande vun der Staatsanwaltschaft (déi däitsch), dem Verurtelten oder op Demande vun dém sengen Hannerbliwenen opzehiewen. Heibei handelt et sech ausschliesslech em Condamnatiounen, déi wéinst Akten oder Dooten erfollegt sin, déi an der Zäit vum 30. Januar 1933 bis den 8. Mé 1945 uniquement aus politeschen, rasseméissegen oder weltanschauleche Grënn aus Géignerschâft zum Nationalsozialismus begânge gi sin, oder déi eleng no nationalsozialistescher Opfâssung ze bestroofe waren oder déi géint Rechtsvirschrëften verstouss hun, an Leit wéinst dénen ében erwähnte Grënn benodélegen.

Wou a wéini ass daat geschitt, beispillsweis fir all déi sëllegen Enrôlés, déi vun de Preisen als Déserteuren ugesi gouwen?

D'Enrôlés hun tatsächlech en masse der démoleger letzeburgescher Exil-Regierung hirem Opruff vu London aus Folleg geléscht. Déi eng méi fréih, déi aner méi spéit, jé no dém wéi sech hinnen gënschteg Gelégenhéten duurfir gebuëden hun, sin d'Enrôlés de Preisen duurch d'Bascht gâng. De Risiko war grouss an nëmmen nach ze vill Jongen haten Malchance a gouwen vun de Preisen erem agefângen.

Mir hun scho lâng einwandfräi festgestallt, dat nuren en etlech wéineg, oni bougéiert ze hun, d'Enn vum Krich un de preisesche Fronten erliewt hun.

All, déi ugongen, hun no nach gëltegem däitsche Recht Fahnenflucht begâng. Op Fahnenflucht stong Doudesstrôf. Wien erwëscht gouw, war drun. Méschtens huet et esouguur gehéscht: „Bei Ergreifen sofort erschiessen!."

Wéi mer virdrun gesin hun, sin d'Verurdélungen wéinst Fahnenflucht och haut nach net opgehuëwen. Et ass dât, esou argumentéieren d'Preisen, ké politescht, ké rasseméissegt a ké weltanschaulecht Vergoë gewiescht, dât aus nazistescher Siicht ze verurtele war.

Et ass em esou méi tragesch, well Bonn eis haut nach emmer sét, Fahnenflucht ass net nemmen der nazionalsozialistescher Opfâssung no ze bestrôfe gewiescht, mais si ass och nach haut an alle bekannte Strôfgesetzbicher als Strôftatbestand ze fannen. Daat hu mir net erfond. Dât hun d'Preisen

eis elo dack genuch geschriwen.

Et ass absolut kén dommt Geschwätz etwa à tord et à travers vun eis, wa mir soën, d'Preise betruëchten d'Letzeburger Enrôlés nach emmer als preisesch Zaldoten. Wât anescht bedeit dât dann, wann Bonn déclaréiert: Keng Entschiedegong vun de Letzeburger Enrôlés, well ké Land, keng Natioun entschiedegt seng Zaldoten zousätzlech no ôfgeléschtenem Wehrdengscht?

Am Kloortext héscht dât: Dir Letzeburger Enrôlés ward preisesch Zaldoten a git vun eis haut gené wéi déi behandelt. Entschiedegung no B.V.G. a beileiwe No B.E.G.

Duurgéint misst wierklech all Letzeburger sech revoltéieren. Awer nén! Déi eng verstin absolut näischt, anerer verstin alles falsch, an nach anerer, déi wëllen hir Rouh hun. Dât ass dach esou bequem! Wât hun se dann nëmmen, déi Enrôlés? Esou hiërt én d'Leit schwätzen. A mir erenneren eis drun, wéi et am Krich war. Wéivill hun der démols gesoot: Jonge mâcht eis ké Misère! Et sin déi, déi net konnten oder wollten helle fen, déi och haut a wahrscheinlech och nie eppes begräifen!

Mais d'Enrôlés wiren sech haut wéi démols. Si waren niemols preisesch Zaldoten, well se an enger auswéloser Situatioun an de saueren Apel hu misse bäissen an an d'Wehrmacht verschléwt gi sin. Grad esou wéi haut ké méi engem Letzeburger Collaborateur de Preiss noruffen därf, grad esou wéineg därf én engem Enrôlés de preiseschen Zaldot unhänke wëllen.

Awer, domat sin déi, duurch d'Zwangsrekrutéirung op illégaler Base, vun däitsche Riichter gefällt Uurtéeler kengeswés opgehuëwen. Fir se opzehiewen, bestéht nach net emol d'Méiglechkét.

An dach ass grad d'Zwangsrekrutéierung e kapitalt Nazi-Verbriechen. Dât kann ké Mënsch falschmâchen. Mais falsch ass et, wann d'Bundesregierung sech op déi, wéi agangs zitéiert, heiteg Gesetzer berifft, sech hannert de Pareiser Vertrag an de Londoner Moratoire verschanzt, d'Enrôlés net als Nazi-Affer unerkennt. An dât alles fir sech laanscht d'Bezuëlen vun der geschölltener Entschiedegong ze drëcken. Letzeburg huet Recht dorop a misst eigentlech och nach Intérêts moratoires verlângen.

Dât ass a kuurze Wierder den eigentleche Fong vum Problém.

A mir froën: Wien, hei am Land, ass dermat d'accord, dat d'Enrôlés, aplâz Nazi-Affer, preisesch Zaldoten solle gewiescht sin, déne gläichgestallt a vun de Preisen wéi déi behandelt gin?

Wien domat d'accord ass, dé soll op d'Strôss jubele goën, wann den däitsche Bundespresident Staatsvisite mâche känt.

Dé Mann, dém sengem Land seng Regierung sech weigert ént vun déne gruschlechste Krichsverbriechen ze reparéieren.

Mir Enrôlés hun eis am Krich geaffert, fir d'Vollek vrun weiderem Schuëd, nach méi Mënschenaffer ze verschounen, an net fir dat nodréiglech et nach als sur-enchère geschiedegt an e groussen Dél vun senge Bierger diffaméiert sollt gin.